piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

An de leschte Méint hunn sech d'Plainte vu Bierger iwwert déi extrem schlecht Erreechbarkeet vun der Caisse nationale d'assurance pension (CNAP) gehäift. Vill Persoune bekloen sech, dass et quasi onméiglech ass, telefonesch un d'CNAP ze kommen, E-Maile systematesch onbeäntwert bleiwen oder souguer ageschriwwe Bréiwer respektiv E-Recommandéë, déi mat zousätzleche Käschte verbonne sinn, net ugeholl ginn.
Dës Situatioun ass besonnesch problematesch, well et sech ëm eng ëffentlech Verwaltung handelt, déi wichteg Leeschtunge geréiert a mat där d'Bierger mussen dacks dréngend Froen oder Problemer kläre kënnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch méi detailléiert iwwert dës systematesch an unhalend Kommunikatiounsproblemer bei der CNAP informéieren?
2. Wéi erkläert d'Ministesch, dass souguer ageschriwwe Bréiwer oder E-Recommandéë vu Bierger net ugeholl ginn?
3. Wéi eng konkret Moossname gedenkt d'Ministesch ze huele fir d'Erreechbarkeet an d'Reaktivitéit vun der CNAP ze verbesseren?
4. Gëtt et Pläng fir zousätzlech Personal anzesetzen oder d'intern Prozeduren ze optimiséieren?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

5. Wéi gedenkt de Ministère sécherzestellen, dass d'Bierger an Zukunft bannent engem akzeptabelen Delai eng Äntwert op hir Ufroe kréien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés